LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8131 vum 5.Juli 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwer d'Zréckbezuele vun Auslandsrechnunge vu Kinéen**

*1. Wat ass momentan d'Moyenne vum Delai fir d'Zréckbezuele vun Auslandsrechnunge vu Kinéen? Wéi war den Delai d'lescht Joer ëm dës Zäit?*

*2. Hänken eventuell Verspéidungen hei mam neie Logiciel zesummen, deen de Minister an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°8043 erwäänt?*

*3. Wat kënnen d'Leit maachen, déi schonn e puer Kinésrechnungen agereecht hunn an nach kee Remboursement kritt hunn, fir d'Geld méi séier erëm ze kréien, wëssend dass verschidde Leit hei op e puer Dausend Euro Remboursement waarden?*

Eng direkt Prise en Charge vun de Leeschtungen an der Kinesitherapie, ka just zu Lëtzebuerg appliziéiert gi well dat an der Konventioun tëschent der Gesondheetskeess (CNS) an der Association luxembourgeoise des kinésithérapeutes (ALK) virgesinn ass. Déi Konventioun appliziéiert sech net op d'Kinéen am Ausland. Well dës an der Reegel ambulant Traitementer si fir déi keng Autorisatioun gefrot gëtt, gëllt de Prinzip vum Remboursement.

Bei der CMFEP läit den Delai fir e Remboursement vun enger auslännescher Kinésrechnung aktuell bei 4-6 Wochen, wat an der Moyenne och dem Delai entsprécht wann d'Leit ouni Autorisatioun an d'Ausland bei den Dokter ginn. Beim aktuelle Facturatiounsprogramm dee fir d'Remboursementer vu Kinésrechnunge benotzt gëtt, besteet säit e puer Wochen e Problem, an et gëtt aktuell un enger Léisung geschafft. Fir dass d'Rechnungen, déi nach en suspens sinn, awer kënnen traitéiert ginn, gräift d'CMFEP op hiren ale Facturatiounsprogramm zeréck.

Bei der CNS läit den Delai aktuell bei 3 Méint fir Prestatiounen déi an Däitschland, der Belsch, Spuenien, Italien, Holland, Portugal oder an der Schwäiz geleescht goufen. Fir Prestatiounen aus Frankräich läit den Delai bei 2 Méint a fir all déi aner Länner bei 2 Wochen. Virun August 2022 louch den Delai fir d'Kinésrechnungen aus dem Ausland ze bezuele bei 2 Wochen. Dat et bei verschiddene Länner méi laang dauert leit un der Quantitéit vun de Rechnungen déi pro Land erakommen an un der Komplexitéit vun den eenzelen Dossieren. Wann d'CNS eng auslännesch Rechnung kritt muss se d'Rechnung a verschiddene Situatiounen an d'Ausland schécke "pour tarification". Do kann et och alt emol méi laang dauere bis d'CNS eng Äntwert kritt.

Déi Elementer, déi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°8043 beäntwert goufen, hu keen Impakt op d'Delaie vun den d'Kinésrechnungen aus dem Ausland.

D'CNS ass sech dem Retard bewosst an huet déi néideg Mesurë getraff fir dëse Retard opzehuelen. Et gëtt awer leider näischt wou d'Assuréë kënne maache fir méi séier rembourséiert ze ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Lëtzebuerg, den 27. Juli 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen